Seul le discours prononcé fait foi

**Fête nationale 2023**

**Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg**

**Discours de S.A.R. le Grand-Duc**

Här Chamberpresident, Här Staatsminister,
Léif Éieregäscht, Léif Matbierger,

Viru knapp véier Wochen hu mer d'honnert Joer vun der Gëlle Fra gefeiert. Dat war fir eist Land a fir mech e ganz wichtege Moment. Dem Claus Cito säi Wierk ass iwwer d'Joren zum Symbol vun der Resistenz ginn. Resistenz géint all Versich, eis Grondfräiheeten, eise Rechtsstaat, eis territorial Integritéit, jo eis mënschlech Dignitéit a Fro ze stellen.

An déi Resistenz, hoffen ech, wäert weider an eis liewen, fir datt mir ëmmer déi richteg Äntwerte fannen op d'Froen, déi d'Zukunft eis stelle wäert.
Mir hunn d'Pandemie hannert eis gelooss, awer net vergiess. Virun allem hu mir déi vill Leit net vergiess, déi eis ze fréi verlooss hunn. An och net all déi, déi gehollef hunn an enger schwéierer Zäit.

Am Mee dëst Joer waren et 175 Joer, datt d'Verfassung vun 1848 geschaf gouf. Zu Ettelbréck ass deemools de Grondsteen geluecht gi fir eis Demokratie. Mir hu säitdeem villes iwwerstanen, awer d'Basis vun deenen demokratesche Strukture konnte mir verdeedegen an aktualiséieren.

Eng Verfassung ass e liewegt Dokument a muss hirer Zäit ugepasst ginn. No enger laanger Virbereedung gëtt si dësen éischte Juli an enger neier Form präsentéiert.

All Recht dat mir als Bierger hunn, ass, an enger demokratescher Gesënnung, mat enger Flicht verbonnen. Esou och wielen ze goen.
Mir hunn déi grouss Chance an engem Land ze liewen, wou jidderee seng Meenung ka fräi soen a d'Gesellschaft matgestalten. Dëst Joer ass e ganz besonnescht Joer, well mir Gemengewalen a Chamberwalen hunn.

Näischt ass manner selbstverständlech wéi déi demokratesch Wäerter un déi mir mëttlerweil gewinnt sinn. D'russesch Aggressioun géint d'Ukrain ass dovunner eng tragesch Illustratioun. Hei geet et net nëmmen ëm Territoiren, mä ëm eise Gesellschaftsmodell. Dofir sti mir weider, mat eisen Nato- Alliéierten an europäeschen Partner, un der Säit vun der Ukrain, wéi och un der Säit vun all deenen, déi uechter d'Welt d'Demokratie an d'Mënscherechter oprecht erhalen.

Nëmme wa mir an Europa an an der UNO weider zesummen halen, eis fir eis Wäerter asetzen an engem internationalen Kader, hu mir eng Chance weider am Fridden ze liewen. Dat ass och de Sënn vum neien Artikel 5 vun eiser reviséierter Constitutioun.

Zu Lëtzebuerg hu mir eng besonnesch Verantwortung, well eis Gesellschaft méi international a méi multikulturell ass wéi iergend eng aner. Mi hu geléiert, all zesummen ze liewen an ze schaffen. Genee dat ass d'Stäerkt vun eisem Land, an net eng Gefor, wéi Verschiddener dat behaapten.

Zesumme mat der Grande-Duchesse war ech viru kuerzem zu Metz an zu Lonkech, wou mir erlieft hunn, wéi enk a frëndschaftlech eis Relatioune mat eisen Nopere sinn, a wéi wichteg eis wirtschaftlech Integratioun an der Groussregioun fir eis alleguer ass.

All déi Leit, déi all Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen, an dacks e laange Wee dofir op sech huelen, droen dozou bäi, dass d'ganz Regioun sech positiv entwéckelt. Ech soen hinnen all e grousse Merci dofir.

Léif Matbierger,

Mir hunn, säit dem Krich an der Ukrain, vill Efforte gemaach, fir Energie ze spueren a se nohalteg ze gestalten. De Klimawandel ass kee Fatalismus mä d'Resultat vun eiser Liewensweis. Dofir musse mir eis esou séier wéi méiglech vu fossillen Energien trennen an insgesamt méi nohalteg liewen. Dat bedéngt e gewëssene Konsens hei am Land, an och an der Welt ze schafen.

D'wirtschaftlech Nowéie vum Krich an der Ukrain laaschte weider op ganz ville Länner. Och zu Lëtzebuerg si Prekaritéit an Aarmut en Thema. Mir mussen eis solidaresch weisen a jidderengem hëllefen, fir dass eis Gesellschaft weiderhin zesummen hält. Nëmmen eng inklusiv Gesellschaft ass och eng staark Gesellschaft.

Léif Matbierger,

Jo, eis Welt steet viru groussen Erausfuerderungen. Mir sollten awer och net vergiessen, wéi schéin an eenzegaarteg eise Planéit ass. D'Grande-Duchesse an ech haten dëst Joer déi grouss Freed de klenge Prënz François an eiser Famill ze begréissen. Wann een esou e Puppelchen am Aarm hält, ass ee sech méi bewosst, dass mir all Verantwortung droe fir de nächste Generatiounen eng Welt ze hannerloossen, wou d'Ëmwelt nohalteg respektéiert gëtt a si am Fridde matenaner liewen kënnen.

An deem Sënn wënschen ech Iech alleguer, mat der Grande-Duchesse an eiser Famill, e schéinen Nationalfeierdag.

Vive Lëtzebuerg,
Vive Europa !